LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Pressedossier**

# Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch: Schwätz mat – Lëtzebuergesch verbënnt, och an der Schoul

**26. September 2025**

# CONTENU


I. LËTZEBUERGESCH VERBËNNT ....... 4

II. NEI MESUREN, FIR D'LËTZEBUERGESCHT ZE FËRDEREN ....... 5

II.1 *Moving Languages*: en neit Konzept, fir Lëtzebuergesch ze léieren am INLL ....... 5

II.2 Mam INLL eegestänneg Lëtzebuergesch léieren ....... 5

II.3 Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Privatschoulen ....... 5

II.4 Méi Plaz fir d'Lëtzebuerger Sprooch mat *ALPHA – zesumme wuessen* ....... 5

II.5 Neit pedagogescht Material ....... 6

III. LËTZEBUERGESCH LEIEREN AM EDUCATIOUNSSYSTEM ....... 6

III.1 An der Grondschoul ....... 6

III.2 De Kanner- a Jugendliteraturpräis ....... 7

III.3 Am Lycée ....... 7

III.4 D'Offer vun de Coursen fir Erwuessener ....... 8

IV. MATERIAL, FIR D'LËTZEBUERGESCHT AN DER SCHOUL ZE FËRDEREN ....... 8

IV.1 Am Cycle 1 ....... 8

IV.2 Am Cycle 2 ....... 9

IV.3 Am Cycle 3 ....... 9

IV.4 Am Cycle 4 ....... 9

IV.5 Liesfërderung an de Grondschoulen ....... 9

V. AKTIOUNEN ZUM DAG VUN DER LËTZEBUERGER SPROOCH ....... 9

V.1 E Billerbuch fir de Cycle 1 ....... 9

V.2 Sangen a liesen am Fondamental ....... 9

V.3 De Piwitsch beschäftegt sech mat der Lëtzebuerger Sprooch ....... 10

V.4 Concert vum Kannerchouer *Ice Clic* ....... 10

V.5 Schüler schreiwe fir den LOD .......... 10

V.6 À propos ... Sproochen zu Lëtzebuerg .......... 10

V.7 De *Panewippchen* am Naturmusée .......... 10

# I. LËTZEBUERGESCH VERBËNNT

Zanter Jore gewënnt d'Lëtzebuerger Sprooch ëmmer méi u Popularitéit. Den éischten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch, deen de 26. September 2025 gefeiert gëtt, ass deemno och d'Geleeënheet, eis Sprooch geziilt an de Mëttelpunkt ze setzen. Eis Sprooch, déi Deel vun eiser Méisproochegkeet ass an doraus net ewechzedenken ass. Dëst gëllt och a besonnesch fir eis Schoulen an eis Betreiungsstrukturen.

Den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ass eng Initiativ vum Kulturministère, an Zesummenaarbecht mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend a villen anere Partner. E fënnt elo all Joer de 26. September statt, um selwechten Dag, wéi den Europäeschen Dag vun de Sproochen. Dëse gëtt zanter 2001 zelebréiert, mam Zil, déi sproochlech a kulturell Diversitéit an Europa ze fërderen. E steet dëst Joer ënnert dem Motto: „Sprooche maachen eis Häerzer an eis Geeschter op!"

Dat gëllt besonnesch fir Lëtzebuerg, well et gi wéineg Länner op der Welt, wou – wéi zu Lëtzebuerg – d'Leit méi Sprooche schwätzen a schreiwen a mat hinne jongléieren, a sou verschiddene Beräicher wéi dem Privat-, Beruffs-, Sozial-, oder Kulturliewen. Am Kontext vun dëser aussergewéinlecher Méisproochegkeet spillt dat Lëtzebuergescht eng eminent wichteg Roll als Sprooch, déi Brécke baut amplaz ze trennen, déi d'Leit am Land verbënnt. An dat virun allem an der Schoul.

Fir dass d'Lëtzebuergescht dës Roll ka spillen, sinn am Beräich vun der Educatioun déi lescht Jore schonn eng ganz Rei vu Mesuren ëmgesat ginn. Vun der Betreiung am Klengkandberäich un iwwer d'Grondschoul, de Lycée bis an d'Erwuessenebildung, gouf et nach ni souvill Geleeënheeten, Lëtzebuergesch ze léieren a sech mat der Lëtzebuerger Kultur a Geschicht ze befaassen.

Domat ass et awer net gedoen. D'Lëtzebuergescht wäert och weiderhi gestäerkt ginn. Dëst ënner anerem am Kader vum Projet *ALPHA – zesumme wuessen*, well mat der Aféierung vum Choix vun der Alphabetiséierung tëscht Däitsch a Franséisch, gläichzäiteg d'Lëtzebuergescht d'Unterrechtssprooch fir all Niewefächer gëtt. Dobäi kënnt eng ganz Panoplie un neiem didaktesche Material op Lëtzebuergesch fir all Schoulniveauen sou wéi de kontinuéierlechen Ausbau vu Méiglechkeete fir Lëtzebuergesch och baussent der Schoul ze léieren.

## II. NEI MESUREN, FIR D'LËTZEBUERGESCHT ZE FËRDEREN

*D'Lëtzebuerger Sprooch huet eng wichteg Roll am Educatiounssystem an et goufen an de leschte Joren eng ganz Rei vu Mesuren ëmgesat, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen. Des Entwécklung wäert weidergoe mat ënner anerem dësen neien Offeren an neiem pedagogesche Material.*

### II.1 *Moving Languages*: en neit Konzept, fir Lëtzebuergesch ze léieren am INLL

Den *Institut national des langues Luxembourg* an de *Service de la formation des adultes* bidden en neit Konzept un, fir Lëtzebuergesch an nëmmen aacht Wochen ze léieren. Et handelt sech dobäi ëm eng innovativ, aktiv a ganz immersiv Method mam Numm *Moving Languages*, déi op engem Konzept aus Liechtenstein baséiert.

30 Persounen hunn sech fir dës Hierschtsessioun ageschriwwen. Am Cours gëtt permanent geschwat, sech ausgetosch, a Gruppe geschafft a sech beweegt. Convivialitéit a Gruppendynamik sinn och e wichtege Facteur vum Konzept. Um Enn vun deenen aacht Wochen, sollt en A2-Niveau am Mëndlechen erreecht ginn.

An engem Pilotprojet gin aktuell am INLL och véier Formateuren am Konzept *Moving Languages* ausgebillt. D'Zil ass et, dës Léiermethod an Etappen uechter d'ganzt Land unzebidden.

### II.2 Mam INLL eegestänneg Lëtzebuergesch léieren

Aktuell schafft den INLL och un enger neier Plattform fir den *Auto-apprentissage* vun der d'Lëtzebuerger Sprooch, iwwer déi d'Leit autonom kënnen d'Lëtzebuerger Sprooch léieren, mat engem Fokus op spezifesche professionelle Beräicher, ugefaange mat de Secteure vun der Fleeg an der non formaler Bildung. D'Plattform wäert gratis sinn a soll am Laf vum Schouljoer 2025/2026 online goen.

### II.3 Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Privatschoulen

Well d'Lëtzebuergescht wichteg ass fir d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft, féiert de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend Iwwerleeungen, fir Lëtzebuergeschcoursen och fir déi privat international Schoulen obligatoresch anzeféieren an d'Privatschoulgesetz deementspriechend ze adaptéieren. An den ëffentlechen internationale Schoulen zu Lëtzebuerg hunn d'Schüler obligatoresch Lëtzebuergeschcoursë vum éischte Joer am Enseignement primaire un bis zum drëtte Joer am Enseignement secondaire.

### II.4 Méi Plaz fir d'Lëtzebuerger Sprooch mat *ALPHA – zesumme wuessen*

Mam Projet *ALPHA – zesumme wuessen,* dee vun 2026/2027 de Choix vun der Alphabetiséierung op Däitsch oder op Franséisch aféiert, gëtt Lëtzebuergesch d'Unterrechtssprooch an alle Fächer ausser Däitsch, Franséisch a Mathematik. Wëssenschaften, Konscht, Musek, Vie et Société, Turnen an natierlech d'Fach Lëtzebuergesch gi gemeinsam op Lëtzebuergesch an der ganzer Klass enseignéiert. Soumat gëtt d'Plaz vum Lëtzebuergeschen an der Grondschoul duerch *ALPHA – zesumme wuessen* gestäerkt.

Als Unterrechtssprooch, mee och als Alldagssprooch an der Klass, spillt d'Lëtzebuergescht eng wichteg Roll fir de sozialen Zesummenhalt an als Bréckefunktioun tëscht de verschiddene Sproochen.

## II.5 Neit pedagogescht Material

### II.5.1 *D'Sproochekëscht* fir de Cycle 1

Am Kader vum Projet *ALPHA – zesumme wuessen* gëtt ab Januar 2026 eng *Sproochekëscht* un all Cycle 1 verdeelt. Dësen didakteschen Outil proposéiert iwwer 100 Aktivitéiten, déi et erlaben, d'Sproochkompetenze vun de Kanner am Cycle 1 op eng spilleresch a strukturéiert Aart a Weis ze fërderen. D'Aktivitéite kënnen op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch ëmgesat ginn a loossen sech einfach an den Alldag vun de Klassen integréieren.

### II.5.2 *FLOTT & FLOTTFLOTT:* Nei Liesbicher fir d'Grondschoul

Säit der Rentrée 2025/2026 kommen déi nei Liesbicher *FLOTT* (Cycle 3) a *FLOTTFLOTT* (Cycle 4) an den Asaz. D'Bicher bidden eng variéiert Auswiel u lëtzebuergeschen Texter : Erzielungen, Gedichter, Auszich aus Theaterstécker an aus Lauschtergeschichten. Beléift Geschichten aus der Lëtzebuerger Kannerliteratur wéi *D'Maus Kätti* oder *De Wëllefchen an de Fiisschen* wiesselen sech of mat moderne Klassiker a mat Texter iwwert aktuell Theeme wéi Mobbing, Konsum a Migratioun. All Text gëtt begleet vun enger Aféierung, engem erklärenden Glossaire, pedagogeschen Aktivitéitsvirschléi an enger kuerzer Presentatioun vun den Auteuren. Iwwer e QR-Code kënnen d'Schüler och d'Audioversioune vun den Texter lauschteren.

### II.5.3 *Allerhand*: en neie Band fir déi iewescht Klassen am Secondaire

D'Literaturserie *Allerhand* kritt am November 2025 en neie Band: *Fabelen op Lëtzebuergesch*. Zil vun dëser Sammlung ass et, d'Liesen op Lëtzebuergesch op den ieweschte Klassen am Secondaire ze fërderen. All Band ass fir de pedagogeschen Asaz geduecht, mat engem Layout, deen Notize vereinfacht, souwéi Hëllefsmëttel fir e bessert Verständnis vun den Texter (Glossaire, sproochlech an inhaltlech Erklärungen). Zënter 2022 goufe scho sechs Titele publizéiert, dorënner *Aleng*, *Perl oder Pica* a *Speck*.

# III. LËTZEBUERGESCH LÉIEREN AM EDUCATIOUNSSYSTEM

*Vun der d'Grondschoul, iwwer de Lycée bis an d'Erwuessenebildung, gouf et nach ni souvill Geleeënheeten, Lëtzebuergesch ze léieren a sech mat der Lëtzebuerger Kultur a Geschicht ze befaassen.*

## III.1 An der Grondschoul

D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi éischt Sprooch, mat där d'Kanner am Cycle 1 a Kontakt kommen, an si hëlt grad hei als prioritär Kommunikatiounssprooch eng wichteg Plaz an. An dësem Kontext ass d'Lëtzebuerger Sprooch ee vun den Entwécklungs- a Léierberäicher an am Cycle 1 déi allgemeng Kommunikatiounssprooch. An de Cyclen 2-4 evoluéiert de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Niewent hirer Roll als zentral Kommunikatiounssprooch ass d'Lëtzebuerger Sprooch och als Fach am wéchentleche Stonneplang verankert.

## III.2 De Kanner- a Jugendliteraturpräis

De Kanner- a Jugendliteraturpräis gouf vum *Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT)* vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an d'Liewe geruff, fir d'Schreiwe vu literareschen Texter op Lëtzebuergesch ze förderen an d'Offer vun kuerzen Texter op Lëtzebuergesch an de Schoulen ze erweideren.

Fir d'Editioun 2025 gi kuerz Erzielungen a Gedichter fir de Cycle 2 gesicht, déi als Virliestexter fir an der Schoul kënne genotzt ginn. Si sollen d'Schüler dozou encouragéieren, Lëtzebuergesch op eng spilleresch, literaresch Manéier ze entdecken.

## III.3 Am Lycée

### III.3.1 D'Fach Lëtzebuergesch op der 4$^{e}$ am Enseignement secondaire

Am Enseignement secondaire classique an am Enseignement secondaire général gëtt et op alle 4$^{e}$- Klassen d'Fach Lëtzebuergesch, wou d'Lëtzebuerger Sprooch, Allgemengwëssen iwwer d'Land an d'Gesellschaft an déi lëtzebuergesch Kultur behandelt ginn. Dofir gouf och spezifescht Unterrechtsmaterial erstallt, zum Beispill Textsammlungen mat Wierker vu Lëtzebuerger Auteuren.

### III.3.2 Lëtzebuergesch als zousätzlech Sprooch op den ieweschte Klassen

Am Lycée Michel Rodange (LMRL) kënnen d'Schüler op de Sektioune B, C, D, E a G nieft Spuenesch, Chineesesch an Italieenesch och Lëtzebuergesch als zousätzlech Sprooch wielen. De Programm geet iwwer d'Literatur, d'Kulturgeschicht, d'Linguistik an d'Orthografie. De Cours huet 3 Stonnen d'Woch vun 3$^{e}$ bis 1$^{re}$.

### III.3.3 Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen

An den ëffentlechen internationale Schoulen zu Lëtzebuerg hunn d'Schüler obligatoresch Lëtzebuergeschcoursë vum éischte Joer am Primaire (y compris an der Maternelle) un bis zum drëtte Joer am Enseignement secondaire. Fir de Primaire gouf mat *Lëtzebuergesch als Friemsprooch* och speziellt Unterrechtsmaterial erstallt, dat Schüler, déi kee gréissert Virwëssen iwwer d'Lëtzebuergescht hunn, mat Grondbegrëffer vun der Lëtzebuerger Sprooch soll vertraut maachen.

An den ëffentlechen europäesche Schoule gëtt et doriwwer eraus d'Méiglechkeet, Lëtzebuergesch nom drëtte Joer am Secondaire als Optioun ze wielen, woubäi verschidden Niveauen ugebuede ginn.

### III.3.4 Lëtzebuergeschcoursen op den Accueils- an Insertiouns-Klassen

An den Accueils- an Insertiounsklassen, déi sech u Schüler riichten, déi nei an d'Land komm sinn, läit de Schwéierpunkt an de Lëtzebuergeschcoursen op der mëndlecher Kommunikatioun, also um Héieren a Verstoe souwéi Schwätzen. D'Schüler solle kënnen am Alldag op Lëtzebuergesch kommunizéieren, awer och hir Perspektiven um Aarbechtsmaart sollen sech esou verbesseren an hir Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft méi einfach ginn.

Aspekter vun der lëtzebuergescher Kultur ginn och am Franséischcours thematiséiert, wéi zum Beispill d'Schueberfouer, de Bretzelsonndeg an aner traditionell Festivitéiten. Dëst erméiglecht net nëmmen eng sproochlech, mee och eng kulturell Verankerung am neie Liewensëmfeld.

## III.4 D'Offer vun de Coursen fir Erwuessener

### III.4.1 Am *Institut national des langues Luxembourg* (INLL)

Aus- a Weiderbildungen am Lëtzebuergesche si beim INLL ganz vill gefrot. Niewent de Coursen am Presentiel ginn et och hybrid Lëtzebuergeschcoursen, déi deels am Presentiel an deels online gehale ginn.

Den INLL bitt, zesumme mat der ADEM, och intensiv Lëtzebuergeschcoursen fir beruffflech Zwecker un.

2022 huet den INLL d'Plattform llo.lu gestart, déi et erméiglecht, online interaktiv Lëtzebuergesch ze léieren. Dës Plattform gëtt dëst Joer iwwerschafft, fir nach méi interaktiv ze ginn a sech méi op d'Aussprooch ze fokusséieren.

Am November 2024 huet den INLL den *Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie* (ZLO) a säi Katalog vun Zertifizéierungen an Tester opgeholl. Iwwer dësen offizielle standardiséierten Test mat 90 Froe kënnen d'Leit hir Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie evaluéieren an duerch en offiziellt Dokument zertifizéiere loossen.

Weiderhi bitt den INLL och den *Zertifikat Lëtzebuergesch Léiere Léieren* (ZLLL) fir Persounen un, déi sech als Enseignant fir d'Lëtzebuerger Sprooch an der Erwuessenebildung an de Gemengen oder an engem vum Staat subventionéierte Beräich wëlle forméieren oder weiderbilden.

### III.4.2 An der Erwuessenebildung

Zesumme mat senge Partner bitt de *Service de la formation des adultes* eng breet Panoplie u Geleeënheeten, fir Lëtzebuergesch ze léieren. D'Partner vum Service, wéi d'ASBLen, d'Gemengen an d'Lycéeën, organiséieren dës Formatiounen op ënnerschiddleche Plazen am ganze Land. Dës riichten sech un all d'Niveauen – vum Ufänger bis bei d'Perfektionéierung. D'Offer vun de Coursen ass online disponibel op www.unipop.lu a www.lifelong-learning.lu.

# IV. MATERIAL, FIR D'LËTZEBUERGESCHT AN DER SCHOUL ZE FËRDEREN

*D'Offer u pedagogeschem Material op Lëtzebuergesch ass an de leschte Joren immens gewuess, virun allem fir Schüler an der Grondschoul. Hei en Iwwerbléck.*

## IV.1 Am Cycle 1

***Mir sangen***: e Lidderbuch fir d'Cyclen 1 bis 4 am Fondamental mat ville Lidder op Lëtzebuergesch.

***D'Zinglibook 1 & 2***: zwee E-Books mat 50 Kannerlidder op Lëtzebuergesch, Erzielreimer, Dänz, Karaoke, Nouten a klenge Filmer ronderëm Natur an Ëmwelt.

### IV.2 Am Cycle 2

***Papageno, Papagena***: e Lidderbuch fir d'Kanner aus der Grondschoul mat ville Lidder op Lëtzebuergesch.

***Meng éischt 100 Deeg am Cycle 2***: Dëst Vierliesbuch begleet de Schoulstart am Cycle 2.1 a besteet aus 100 kuerzen Erzielsequenzen – eng fir all Dag bannent den éischten 100 Deeg vun der Schoul. Dëst Virliesbuch ass besonnesch op de Lëtzebuerger Kontext ofgestëmmt.

### IV.3 Am Cycle 3

***De Kabutz – déi éischt Schicht an der Galerie***: An dësem Billerbuch mat Texter op Lëtzebuergesch gëtt d'Karbidsluucht Kabutz en Abléck an den Aarbechtsalldag vun de Mineuren am Süde vu Lëtzebuerg um Ufank vum leschte Joerhonnert.

### IV.4 Am Cycle 4

***De Piwitsch***: De Magasinn fir Kanner vum 3. a 4. Cycle huet reegelméisseg Liesgeschichten op Lëtzebuergesch. Et kann ee se hei liesen: https://piwitsch.lu/geschichten/

### IV.5 Liesfërderung an de Grondschoulen

Am Juli 2025 gouf den neien Internetsite www.liesen.lu lancéiert.

Op dësem Site fënnt een Initiativen am Beräich vun der Liesfërderung an de Lëtzebuerger Grondschoulen. Dobäi ass besonnesch de Katalog *Lies a fléi* ervirzehiewen: E regruppéiert Kannerbicher, déi op Lëtzebuergesch publizéiert goufen an aktuell am Buchhandel ze fanne sinn.

## V. AKTIOUNEN ZUM DAG VUN DER LËTZEBUERGER SPROOCH

*Fir den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ze feieren, sinn eng Rei Initiative geplangt fir op Lëtzebuergesch ze liesen, ze sangen an ze schreiwen.*

### V.1 E Billerbuch fir de Cycle 1

D'Billerbuch *Wat mécht eis zum Mënsch?* vun der UNESCO, der Agence vun de Vereenten Natioune fir Educatioun, Wëssenschaft a Kultur, kënnt an all Schoulbibliothéik vun de Grondschoulen. Et hëlt d'Kanner op eng ganz originell Manéier mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Kommunikatioun tëschent de Mënschen. Dëst flott Billerbuch ass aus dem Brasilianesche schonns a 44 Sproochen iwwersat ginn. An elo eben och op Lëtzebuergesch.

### V.2 Sangen a liesen am Fondamental

An de Grondschoule gëtt de 26. September op Lëtzebuergesch gesongen, gepotert a gelies. D'Kanner sange Lidder op Lëtzebuergesch. Am Cycle 2 ass dat d'Lidd *Anescht wéis du*, am Cycle 3 déi flott

Volleksweis *De Schmadd*. D'Klasse kënnen dobäi och op Tounopnamen um Internet zeréckgräifen. Si kréien och nach weider Lidder proposéiert an Iddie fir Theaterstécker.

### V.3 De Piwitsch beschäftegt sech mat der Lëtzebuerger Sprooch

D'Schüler aus den Cyclen 3 a 4 kréien déi fonkelnei Editioun vum Magasinn *De Piwitsch* ausgedeelt. D'Zäitschrëft fir Schüler vun 8 bis 12 Joer befaasst sech mat eiser Sprooch a gëtt Äntwerten op Froe wéi: Wou kënnt se hir? Wat mécht se besonnesch? Wie schwätzt se? *De Piwitsch* bitt awer och eng Rei vu Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch un.

### V.4 Concert vum Kannerchouer *Ice Clic*

*Ice Clic*, e Grupp vu Kanner am Alter vun 8 bis 12 Joer, gëtt de 26. September vun 13:00 bis 14:00 Auer e schmassege Concert am Kulturministère. De Concert gëtt awer och live gestreamt. D'Kanner sangen nei lëtzebuergesch Pop Lidder vum Jang Linster. Um Programm sti Lidder ewéi: *Haut ass däin Dag*, *Feier feier*, *Du bass besonnesch*, oder ganz engagéiert Lidder ewéi: *Du bass net méi du* (géint Mobbing an der Schoul), *E Lidd ewéi gedréckt* (Fake News) oder *Gëfteg!* (géingt d'Fëmmen). Ganz verdreemt gëtt et da bei Lidder ewéi *Néirens anerwäerts*, *Feierfonken* oder *Wéi laang ass ëmmer*.

### V.5 Schüler schreiwe fir den LOD

D'Schüler vun de 4$^{es}$-Klassen am Secondaire kréie ronderëm de 26. September an hirem Lëtzebuergeschcours eng ganz besonnesch Aufgab: Si kënnen en Artikel fir de Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD) schreiwen. Si sichen sech e Wuert eraus a kënnen et op eng ganz kreativ a witzeg Aart a Weis beschreiwen. Déi bescht Artikele ginn dann och am LOD veröffentlecht.

De Lëtzebuerger Online Dictionnaire ass e Kärprojet vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS). Den ZLS sammelt lëtzebuergesch Wierder, erkläert se an iwwersetzt se a véier Sproochen. D'Wierder kënnen och gelauschtert ginn, sou datt ee léiert, wéi se ausgeschwat ginn.

### V.6 À propos ... Sproochen zu Lëtzebuerg

Et ginn net vill Länner op der Welt wou, wéi zu Lëtzebuerg, d'Leit méi Sprooche schwätzen a schreiwen an a verschiddenste Beräicher, sief et am privaten, berufflechen, sozialen, kulturellen a politesche Liewe mat de Sprooche jongléieren. Dës extraordinär Méisproochegkeet gëtt an der Publikatioun *À propos... Sproochen zu Lëtzebuerg* beliicht, déi all 4$^{es}$-Klassen am Secondaire um Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ausgedeelt kréien.

D'Publikatioun vum *Service Information et Presse* vun der Regierung reegt zu der Diskussioun iwwer déi sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg an iwwert d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch un.

### V.7 De *Panewippchen* am Naturmusée

De 26. September steet am Naturmusée alles am Zeeche vum *Panewippchen*. D'Zeitung fir jonk Leit vum Naturmusée op Lëtzebuergesch gëtt et schonn zënter 1987 an huet am Juni hir 150. Editioun gefeiert. Elo ass déi 151. Nummer am frësche Look erauskomm. Am Musée ass eng kleng Expo, déi déi spannend Geschicht vum Panewippchen erzielt – vun den éischte Schrëtt bis haut.